LSAP Sektioun Dikrich

Dikrech, den 23.11.2023

# Stellungnam vun der LSAP Dikrech zur Schäfferotserklärung vum 20. September 2023

Dir Hären aus dem Schäfferot,

Erlaabt mir eis Stellungnam zu Ärer Schäfferotserklärung mat e puer méi allgemenge Bemierkungen unzefänken.

Mir waren iwwerrascht ewéi mir vun Iech mëndlech informéiert gi sinn dat Dir de Punkt : « Prise de position des fractions de l'opposition quant à la déclaration échevinale » net op den Ordre du jour vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 23. November 2023 géift setzen, an dat dëse Punkt op d'Sëtzung vum Dezember verluecht géif ginn. Dëst mat der Argumentatioun well Chamber wier.
Mir verstinn dëst esou, well de Schäfferot keng Zäit huet kritt d'Oppositioun d'Wuert net.

An Ärer Introduktioun vun der Schäfferotserklärung steet, dat des op dem Koalitiounsprogramm baséiert deen tëschent den 2 Majoritéitsparteien ausgeschafft ginn ass. Dann ass et jo esou dat dëst 2 Dokumenter sinn.
Eiser Meenung no hunn d'Oppositiounsparteien dann dëse Koalitiounsprogramm och ze kréien, an iwwregens och déi Dikrecher Bierger. Et kann net sinn dat Dir hei vun engem Programm schwätzt deen net publik ass.

Dir schreift selwer dat de Listing net komplett ass, an dat hei «projets phares» géife virgestallt ginn, ma wéi eng sinn dat?
Et ass fir eis ganz schwiereg eng Stellungnam zur Schäfferotserklärung ze huele wann een net weess wat am Koalitiounsprogramm steet.

Dëst entsprécht, a kengem Sënn, där Politik déi Dir an der Walcampagne grouss ugekënnegt hat, an déi och hei an der Schäfferotserklärung steet wou Dir an der Konklusioun vun « implication directe », vun enger « participation active des partis d'opposition » a vun enger « politique communale ouverte et transparente » schwätzt

Zu Äre Projet'en déi Dir jo pro Departement opzielt stelle mir fest dat ee groussen Deel dovunner allgemeng politesch Opzielunge sinn, déi een a bal all Schäfferotserklärung, an a ganz ville vun de Gemenge kéint bréngen. Villes ass ganz vague gehale, wéineg konkret Virschléi, keng konkret Informatioun wat den Timing ubelaangt.

Allgemeng begréisse mir natierlech dat verschidde Projet'en déi vun der fréierer LSAP-Majoritéit ausgeschafft, geplangt an zum Deel ugefaange sinn, weider ewéi geplangt ausgefouert ginn sou z. Bsp. Parkhaus Gare, Crèche Origer, Parkleitsystem…

An eiser Stellungnam wäerte mir lo net all eenzele Projet hei kommentéieren, ma déi Saachen déi fir eis als LSAP-Fraktioun am wichtegste sinn hei virbréngen :

Mir kënne vill Projet'e prinzipiell mat ënnerstëtze, wäerten awer all Dossier kritesch analyséieren an dann och eis Remarke maachen, och lo direkt hei bei eiser Stellungnam.

**1. Administration**

*1.4. Création d'une commission médiatique paritaire*

Hei si mir net averstanen dat di Kommissioun « paritaire » genannt gëtt well se dat net ass, a mir si net averstane dat hei eng Gemengekommissioun als Aufgab kritt fir ee Gemengeservice, an domadder d'Personal, ze kontrolléieren.

**2. Ecoles**

*2.4. Evaluation des besoins en infrastructures scolaires suivant perspectives démographiques*

Eng genee Analys vun de Besoin'en an der Zukunft ass immens wichteg, ier grouss strategesch Decisiounen solle geholl ginn. Déi demografesch Entwécklung ass een Deel dovunner.

Déi demografesch Entwécklung spillt béi all Projet eng Roll a muss mat considereiert ginn.

*2.7. Maintenir la direction régionale de l'enseignement fondamental à Diekirch*
*2.9. Maintien de l'Ecole d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg (EHTL) à Diekirch*

Bei dësen 2 Projet'en dierft et jo mat der neier Regierung déi jo politesch identesch ass ewéi CSV/DP Majoritéit lo hei zu Dikrech. Mir kënnen Iech just garantéieren dat den LSAP-Deputéierte Claude Haagen sech och wäert maache fir dat dës Strukturen hei zu Dikrech bleiwen.

**3. Bâtiments**

*3.1. Finalisation du projet « Parkhaus Gare »*

Dëst ass een LSAP-Projet

*3.2. Finalisation du projet « crèche ORIGER »*

Dëst ass een LSAP-Projet

*3.4. Appui proactif des projets urbanistiques en cours « Cité Militaire » et « Dräieck Dikrich »*

Dës 2 Projet'en si scho vun der viregter LSAP-Majoritéit mat vill Asaz gepuscht ginn.

*3.5. Construction d'un nouveau bâtiment administratif pour les Services Industriels.*

Dëse Projet, deen zanter 2019 am Budget, steet, an domadder och der Majoritéit bekannt ass, och wann de Buergermeeschter an der Schäfferotserklärung gesot huet si géife vun dësem näischt wëssen.
Den Dossier ass vun engem Architektebüro an enker Zesummenaarbecht mam Chef de Service ausgeschafft ginn, ass awer vum viregten LSAP-Schäfferot NET validéiert ginn.
Hei muss de Schäfferot an och déi aner Memberen aus dem Gemengerot, an eisen Aen, extrem gutt oppasse well bis 2030 grouss Investitioune gemaach musse gi fir d'Energieversuergung nei, a wa méiglech ouni fossil Energiequellen, op ze stellen. Dowéinst sollt een de ganzen Areal vun de Services industriels lo net am Virfeld mat dësem Neibau, ouni detailléierte Projet vun der zukünfteger Energieversuergung, belaaschten.

*3.6. Construction d'un nouveau Conservatoire de Musique du Nord, Site Diekirch*

Dëse ganz wichtege Projet muss realiséiert ginn. Wann de Schäfferot dëst op enger anerer Platz wëll maachen, da muss ee komplett neien Dossier opgestallt ginn, mat neie Pläng a sämtlechen Etuden. Iwwregens mussen sou Projet'en och mëttlerweil ausgeschriwwe gi fir den Architekt ze bestëmmen.

**4. Sécurité et Secours**

*4.1. Etroite collaboration avec le CIS Nordstad*

Dës Kollaboratioun mam "Centres d'incendie et de secours Nordstad" ass fir eis selbstverständlech mat wiem géif een dat soss maachen.

**5. Jeunesse**

*5.2. Création de logements encadrés pour jeunes*

Dëst wäerte mir natierlech ënnerstëtzen, froen eis awer wou dat dës Logementer solle realiséiert ginn.

**6. Développement urbain**

*6.1. Réfection des infrastructures souterraines de la Grand-Rue*
*6.2. Réaménagement partiel de la zone piétonne*

Hei stelle mir eis d'Fro op dëst 2 identesch Projet'e sinn, a wann net wat den Ënnerscheed ass. A mir wëlle wësse wéini dëst soll gemaach ginn.

## 7. Finances

*7.2. Lefinancement d'infrastructures dont profiteront plusieurs générations se fera par la souscription d'emprunts appropriés, dont le remboursement pourra s'échelonner également sur plusieurs générations*

Bei deene groussen Investissementer déi Ustinn huet och d'LSAP-Dikrech ëmmer gesot dat en hei och muss Sue léine goen. Dat ass normal a richteg wann eng Gemeng dat mëscht a wann déi Projet'e wichteg si fir Dikrech, fir seng Bierger, fir d'Regioun an déi zukünfteg Generatiounen. Wann elo, ewéi vum Buergermeeschter an engem Interview, gesot gëtt dir viregt Majoritéit hätt misste Sue léine goe wéi d'Zënsen nach niddreg waren, sou ass dat finanzpolitesche Quatsch. Iwwregens refuséiert de Inneministère all Emprunt wann d'Gemeng op eegen Finanzreserve zréck gréife kann. An en Emprunt gëtt vum Inneministère ni Projet spezifesch accordéiert ma ëmmer just fir de Budget ordinär an den Equiliber ze bréngen.

An hei géife mir gäre wësse wat fir een Zäitraum gemengt ass mat der Stréckung iwwer méi Generatiounen.

## 8. Sports

### 8.1. Soutien des associations sportives via un monitoring annuel des subsides ordinaires et extra-ordinaires

Hei bléift et fir d'LSAP-Fraktioun onverständlech dat déi ordinär Subside vu verschidde Sportsveräiner déi vill am Jugendberäich maache gekierzt gi sinn.

*8.2. Mise à jours des infrastructures sportives municipales*

Mir sinn der Meenung dat déi kommunal Sportinfrastrukturen am Moment "à jour" mat all deenen Investissementer déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn. Mir verlaangen natierlech dat deen normalen Ënnerhalt vun dësen Infrastrukturen och weiderhi gemaach gëtt.

*8.4. Recherche de synergies avec les acteurs sportifs régionaux (lycées, Nordstad) et nationaux (Armée, Caserne Grand-Duc Jean, fédérations sportives nationales)*

Dës Synergie besti schonn zanter ganz laange Joren a si vun der LSAP-Majoritéit och ëmmer ënnerhale ginn.

## 9. Circulation

Bei der Circulatioun stëlle mir eis d'Fro op fir d'CSV/DP Majoritéit den Erhalt vun der Zuchstreck op Ettelbréck an ee Contournement fir Dikrech keng wichteg Projet'e méi sinn? Fir d'LSAP-Dikrech bleiwen dëst 2 ganz wichteg Projet'en.

*9.4. Evaluation du « Loui Express » et adaptation des circuits, des horaires et du matériel roulant*

Et freet eis dat de « Loui Express » NET ofgeschaaft gëtt a spéitstens mat der Ouverture vum "Parkhaus Gare" muss dëse Service weider ausgebaut ginn.

9.5. *Mise en place d'un Parkleitsystem*

Och dëst ass een LSAP-Projet dee lo nach muss finaliséiert ginn.

**10. Services techniques et industriels**

*10.2. Aménagement transitoire du site « Schou » pour les besoins des Services industriels*

D'Acquisitioun vun dësem Terrain war een LSAP-Projet et gesäit een haut ewéi richteg déi Entscheedung virun 10 Joer war.

**11. Energies**

Hei ënnerstëtze mir all Initiativ déi an d'Moderniséierung vun de kommunalen Infrastrukturen , an, an d'Ôfsécherung vun der Energieversuergung gemaach gëtt. Hei muss d'Klimaneutralitéit Ziel sinn.

**12. Environnement**

*12.2. Plantation d'arbres « haute-tige » dans le but de purifier l'air urbain et de réduire les températures extrêmes*

Natierlech si mir mat dësem Projet d'accord, froen eis awer wou déi Beem solle geplanzt ginn, ass hei eventuell de Reamenagement vun der Kluuster gemengt, well iwwer déi steet och näischt an der Schäfferotserklärung.

Iwwregens komme jo och lo Beem an d'Palaststrooss.

**13. Digitalisation**

Och hei kënne mir eis Ënnerstëtzung zou soen, awer muss opgepasst ginn, déi Bierger net ze vergiessen déi mat der digitaler Welt net esou gutt eens ginn.

**14. Affaires culturelles**

Mir vermëssen hei dat fir de Gemengenarchiv an d'Bibliothéik net méi vum Projet an der « Villa Conter » geschwat gëtt »

*14.8. Redéfinition de la subsidiation ordinaire et extra-ordinaire des associations culturelles*

Och dëst wäerte mir mat ënnerstëtzen, kënnen awer net averstane si wann op der anerer Säit d'Subside fir d'Sportsveräiner gekierzt ginn. Dat gesäit esou aus wéi wann déi eng Veräiner manner kréie fir dat déi aner kënnen eppes bei kréien.

## 15. Affaires sociales

*15.1. Positionnement du logement social communal par rapport au Registre National des Logements Abordables (RENLA) et par rapport au Service logement de l’OSNoS*

D’Gestioun vun de Wunnengen déi d’Gemeng an der « Gestion locative social » bis ewell sëlwer iwwer den eegene Service geréiert huet, musse bei der Gemeng bleiwen. D’Gemeng muss déi Gestioun viru selwer maachen. Dëst wäerte mir genee am A behalen.

*15.3. Aménagement d’un foyer de jour pour personnes dépendantes dans le cadre du projet d’aménagement particulier « Cité Militaire » (SNHBM)*

Och dëst ass eng gutt Initiativ, mir maachen drop opmierksam dat beim Projet « Cité Militaire » d'Finanzéierungsgesetz scho gestëmmt ass, an dat hei all Ännerunge weider Verzögerunge mat sech brénge.

## 16. Nordstad

Hei si mir op d'Positioun vun der DP gespaant, fir déi d'Nordstad an der Walcampagne jo keng Prioritéit méi war. An awer esou ewéi et ausgesäit an der Koalitioun vun DP weider matgedroe gëtt.

Fir eis als LSAP Dikrech ass a bleift et richteg aktiv un der Fusioun ze schaffen. Mir hunn als Lokalpolitiker aus deene 5 Gemengen an dëser Diskussioun 2 Méiglechkeeten. D’Regioun wiisst iwwert déi nächst Generatioune souwisou zesummen, mir kënnen als déi gewielte Vertrieder dëst Zesummewuesse probéieren aktiv ze stéieren an ze begleeden oder net. An dëst aktiivt Zesummewuesse muss zesumme mat a fir all Bierger aus deene 5 Gemenge gemaach ginn.

*16.6. Participation de plusieurs sites de la Nordstad à l’événementiel délocalisé de la LUGA ou Luxembourg Urban GArdening*

Hei bléift ze präziséieren dat dëse Projet vun der viregter Regierung decidéiert ginn ass ënner der Leedung vun de Ministere Bausch an Haagen a fir 2025 geplangt ass.

Dikrech, den 23.11.2023

Zum Schluss vun eiser Stellungnam zu der Schäfferotserklärung wëlle mir nach op e puer Punkten hiweisen déi guer NET erwäänt sinn. (Vläicht stinn déi jo am Koalitiounsprogramm)

**KEE Wuert** steet an der Schäfferotserklärung iwwer :

**Gemengepersonal**
**Héichwaasser**
**kommunale Wunnengsbau**
**lokale Chômage an Economie solidaire**
**Tourismus**
**Contournement Dikrech**
**Zuchstreck Dikrech-Ettelbréck**

Wann een dann d'Walcampagne vun der CSV an der DP mat der Schäfferotserklärung vergläicht, da sti bei:

der CSV vun deenen 100 Punkten am Walprogramm der 59 NET an der Schäfferotserklärung,

der DP vun deenen 43 Punkten am Walprogramm der 24 NET an der Schäfferotserklärung.

Fir d'LSAP-Fraktioun am Gemengerot

Claude THILL
Jing DALEIDEN
Pascale SCHMOETTEN
Frank LINK
Nico HERTZ